

M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*).- Jo, Här President, also ech mengen et kann een dat nëmmen ënnerstëtzen, datt mer dat do dës Woch klären, well ech muss soen, ech hat och mat enger gréisserer Iwwerraschung d'Dagespress gelies. Ech sinn zwar frou iwwert déi Positiounen, déi do ageholl gi sinn, mä et wär och wichteg, datt mer iwwert déi Motioun do klären, ob d'Majoritéit nach ëmmer d'Majoritéit huet am Parlament.

Well op alle Fall sinn do Saache gesot gi gëschter an där Pressekonferenz, déi zwar positiv waren, awer iwwerraschend waren. An ech mengen déi Motioun do kënn awer zur Kloeerheet bäidroen. An et ass awer am Intérêt vun deenen 117 oder 116 Gemengen, datt mer esou séier wéi méiglech Kloeerheet kréien.

M. le Président.- Et ass natierlech esou, dass keen hei dee genaue Contenu vun där Motioun de Moment kennt, obschonn den Här Meisch...

(Interruptions)

Jo, mä d'Motioun gouf grad ofginn a si gëtt elo emol kopéiert an da gëtt se verdeelt.

Ech géif da proposéieren, dass mer elo emol den Ordre du jour, esou wéi e vun der Presidentekonferenz arrétéiert gi war, géifen unhuelen an dass mer am Laf vum Dag oder vu muer drop zrëckkomme wat d'Schicksal vum honorebelen Här Meisch senger Motioun wäert sinn. Här Meisch!

M. Claude Meisch (*DP*).- Kënne mer esou verbleiwen, datt mer am Laf vun der Woch kënnen driwwer diskutéieren? Wann d'Majoritéit hei mengt, se misst renvoyéiert ginn an eng Kommissioun oder ofgelehnt ginn, da ka se dat jo dee Moment nach ëmmer maachen.

Une voix.- Dat maache mer och, Här Meisch!

M. Claude Meisch (*DP*).- Mä et wär awer wichteg, datt mer se nach dës Woch géingen evakuéieren, well soss gesi mer eis am Oktober herno hei erëm an dann hu mer deen dote Sujet...

(Brouhaha général)

...erëm eng Kéier direkt um Ordre du jour, an déi Zäit hu mer verluer.

(Interruptions)

M. le Président.- Also wann déi Motioun ausgedeeelt ass a se ass emol studéiert vun deenen eenzelne Fraktiounen, da wäert ech en temps utile dorop zrëckkommen, fir datt d'Chamber dann decidéiert, wat mat där Motioun geschitt.

Ech froen elo nach eng Kéier: Ass d'Chamber d'accord mam Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virgeschloen huet?

(Assentiment)

Voilà, da komme mer elo bei deen adoptéierten Ordre du jour, an zwar zum éischte Punkt, der Diskussioun vum éischte Projet de loi iwwert d'Infrastructure ferroviaire. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Spautz, den Här Grethen, den Här Braz an den Här Gibéryen. D'Wuert huet als Alleréischten de Rapporteur vun dësem Projet, den honorebelen Här Schreiner. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

5. 5529 - Projet de loi modifiant

a) la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

b) la loi du 28 mars 1997

1° approuvant le protocole additionnel du 28

janvier 1997 portant modification de la Convention belgo-franco-luxembourgeoise relative à l'exploitation des chemins de fer du Grand-Duché, signée à Luxembourg, le 17 avril 1946;

2° approuvant les statuts modifiés de la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois (CFL);

3° concernant les interventions financières et la surveillance de l'État à l'égard des CFL et

4° portant modification de la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

c) la loi du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation

d) la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics

Rapport de la Commission des Transports

M. Roland Schreiner (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 5529, dee mer haut hei diskutéieren an deen déi zukünfteg Gestiou vum Eisebunnsnetz hei zu Lëtzebuerg regelt, ass den 13. Januar vun dësem Joer vum Transportminister déposéiert ginn. De Statsrot huet den 20. Juni 2006 säin Avis dozou ofginn. An hirer Sitzung vum 22. Juni huet d'Transportkommissioun de Projet an den Avis vum Statsrot analyséiert a mech als Rapporteur agesat. De 4. Juli huet de Statsrot en Avis complémentaire ofginn, deen noutwendeg ginn ass op Grond vun zwee Amendementer, déi d'Kommissioun formuléiert hat. An de 6. Juli huet dann d'Kommissioun de Rapport zu dësem Projet de loi unanime mat deene Leit, déi do waren, ugeholl.

Dëse Projet de loi ass eigentlech déi éischt Gesetzesinitiativ, déi aus den Accordë vun der Eisebunns tripartite vum Dezember 2005 ervirgeet an déi eis et erméiglecht déi lescht Elementer vum éischte Paquet ferroviaire an eist nationaalt Recht ëmzesetzen an domat eigentlech eis de communautären Obligatiounen an Exigence konform ze setzen.

Et ass e bëssen en technesche Projet, dofir, fir besser ze verstoen, wourëmmer et am Gesetzesprojet geet, iwwert dee mer de Mëtteg sollen ofstëmmen, muss ech vläicht e bësse méi wäit aushuelen, ouni dat elo ze maachen.

Wéi a ville Beräicher sinn och am Transport- an am Eisebunnssektor uganks den 90er Joren d'Weichen a Richtung Liberaliséierung gestallt ginn. 1991 huet d'Europäesch Kommissioun en éischt Wäissbuch erausginn, «L'heure du choix». 1996 koum en zweet hanndru mat dem Titel «Une stratégie pour revitaliser les chemins de fer communautaires». An deenen zwee Wäissbicher ass d'Kommissioun zur Feststellung komm, dass den Zuch wuel en interessant an och sënnvollt oder wichtegt Verkéiersmëttel wär, dat an eiser Gesellschaft méi ee grouesse Stellwäert misst kréien, mä dass säin Undeel um gesamte Verkéiersopkommes a speziell am Güterverkéier allgemeng géif ofhuelen. An als Haaptursaachen dovunner huet d'Kommissioun an de Raum gestallt, dass d'Eisebunnen an Europa insgesamt ze vill onflexibel an net genuch ugepasst un d'Evolutioun vum Marché an un d'Besoinë vun de potenzielle Clienten wieren.

Et misst also dorëms goen an der Zukunft, an deenen nächste Joren, och aus ëmweltpoliteschen Iwwerleeungen - an do kann ee jo och d'Meenung vun der Kommissioun deelen -, d'Eisebunn méi attraktiv a méi kompetitiv ze maachen, mä dat ze maachen duerch eng Rei vu Mesurë wéi zum Beispill d'direkt Trennung vun der Gestiou vum Netz a vum Transport, vun der Exploitatioun, duerch eng besser Interopéabilitéit, duerch d'Opmaache vun de Schinnennetzer fir d'Konkurrenz an duerch eng méi kommerziell Exploitatioun vun de Réseauen.

Vun dësem Strukturwandel erhofft sech d'Kommissioun eng besser Upassung vun der Bunn un déi real Bedierfnisser vun de Clienten, dat heescht, e bessere Service a selbstverständlech och méi interessant Transportpräisser.

Fir dës Objektivier kënnen ze erreechen, huet d'Europäesch Kommissioun zënter 1991 ugefaange mat där ominöser Direktiv 91/440, déi de ganze Prozess vun der Ouverture vum Zougang zum Eisebunnsmaart formell déclenchéiert huet an e ganzen Dispositif vu Moosnamen, déi sech an deene verschiddene sou genannte Paquets ferroviaires erëmfannen, elaboreiert.

De Moment si mer jo um europäeschen Niveau scho beim drëtten Paquet ukomm. De Gesetzesprojet, dee mer haut hei diskutéieren, geet awer nach zrëck op den éischte Paquet, deen u sech dräi Direktive begräift, déi den Accès zum gesamten europäesche Gidderverkéiersnetz regelen, dann awer och eng Harmonisatioun um communautäre Plang vun de Bestëmmunge ronderëm d'Lizenzen, déi all Eisebunnsgesellschaft muss virweisen, erbäiféieren, an e prezisen an och transparente Kader schafen, wat d'Allocatioun vun de Capacitéiten op der Schinneninfrastruktur an och hir Tarificatioun ugeet, fir op déi Manéier en équitabelen an net diskriminatoreschen Accès ze garantéieren.

Den éischte Paquet ferroviaire ass den 22. November 2000 scho vum Europäesche Parlament an och vum Conseil adoptéiert ginn, an hätt am Prinzip misse bis de 15. März 2003 an nationaalt Recht ëmgësat gi sinn. Well Lëtzebuerg awer nëmmen e klenegt Schinnenetz huet, krute mer eng Rei vun Derogatiounen an hunn net direkt alles missen ëmsetzen, wat an deem Paquet do dran ass a wat an deenen Direktiven och do festgehale gëtt.

Esou hate mer zum Beispill ënner anerem Zäit bis den 31. August vum Joer 2004 fir en onofhängegt Organ ze schafen, dat dofir suerge misst, dass den Accès zum Schinnennetz fair an ouni Discriminatioun geregelt gëtt. Well eis Regierung awer ëmmer - an zu Recht, muss ech soen - angesichts vun onsécheren ekonomeschen awer och soziale Konsequenze vun enger ze schneller Liberaliséierung am Eisebunnssektor op d'Bremse getréppelt ass, sinn dës Délaie versträiche gelooss ginn, wat natierlech dozou gefouert huet, dass mer duerch en Arrêt vum 30. September 2004 vum Europäesche Geriichtshaff dowéinst veruerteelt gi sinn a mer riskéieren, seriö Geldstrofen ze kasséieren, wa mer eise Verflüchtungen dann elo net endlech nokommen. Mir maachen dat da mat dem Gesetzesprojet vun haut.

Et muss een awer wëssen, dass mer an deene leschte Joren awer schonn en Deel vun eisen Hausaufgaben an deem Zesummenhang gemaach hunn. Esou huet zum Beispill d'Gesetz vum 11. Juni 1999 schonn eise Réseau opgemaach fir all europäesch Eise-

bunnsgesellschaft, déi eng Lizenz ka virweisen, an de Règlement grand-ducal vum 31. März 2003 definéiert och schonn d'Modalitéiten vun der Uwendung vun de Redevancen, déi fir d'Benotze vun der Schinneninfrastruktur erhuewe ginn. Déi zwee Règlements grand-ducaux vum 24. Oktober 2003, déi d'Konditiounen vun der Délivrance an der Validitéit vun de Lizenzen respektiv vun de Sécherheitszertifikate regelen, déi déi verschidden Eisebunnsnetzeprisen mussen virweise kënnen, fir Transporter duerchzuféieren, sinn och schonn applicabel.

Här President, wat ännert sech dann elo konkret mat deem Gesetzesprojet vun haut, mat deem mer elo also d'Ëmsetzung vum éischten Paquet ferroviaire an nationaalt Recht komplettéieren?

Ech hunn éinescht gesot, dass d'Auslaaschtung an d'Verdeelung vun de Capacitéiten vun eise Schinnennetz op eng fair Aart a Weis mussen geregelt ginn, déi et net enger bestëmmter Entreprise erméigleche soll, hir dominéierend Positioun ze mëssbrauchen an aner Opérateuren ze diskriminéieren.

D'EU-Gesetzgebung schreift dofir vir, dass d'Repartitioun vun de Sillonen an d'Tarificatioun fir d'Benotze vum Schinnennetz vun enger Institutioun duerchgefuert gëtt, déi rechtlech, organisatoresch an um Niveau vun den Décisiounen onofhängeg ass vun allen Zuchbedreier. Am Moment ginn dës sou genannte Fonctions essentielles hei zu Lëtzebuerg vun der CFL a vun der CFL-Gesellschaft geregelt, esou dass mer déi Konditioun vun der Neutralitéit natierlech net erfëllen.

Doniewent mussen mer och laut Gesetzgebung fir déi néideg Rekursméiglechkeete suerge fir de Fall, wou e Bedreier, deen eist Schinnennetz benotze wëllt, net mat den Décisiounen vun der onofhängeger Institutioun d'accord wier. Entsprechend de Konklusione vun der Eisebunnsstripartite gesäit de Projet de loi, dee mer haut hei virleien hunn, vir, dass innerhalb der Communauté des Transports, dem Verkéiersverband, deen duerch d'Gesetz vum 25. Januar 2006 geschafe gouf, eng Cellule «accès réseau» geschafe gëtt, déi an Zukunft déi sou genannte Fonctions essentielles gëreiere soll.

Et versteet sech vu selwer, dass dës Cellule opgrond vun hirer Vokatioun natierlech hir Aarbecht a voller Onofhängegkeet muss maache kënnen an dofir och onofhängeg schafft par rapport zu deene Leit, déi dësem Établissement public Verkéiersverband ugehéiere respektiv dee féieren.

Wann elo eng Entreprise dann net mat enger Décisioun vun dëser Cellule averstanen ass, ka se sech beim Generaldirekter vun der Communauté des Transports beschwéieren, deen dann déi Responsabel vun der Cellule muss héieren a bannent zéng Aarbechtsdeeg muss entscheeden, ob hien d'Décisioun vun der Cellule bestätegt oder ob hie se reforméiert. Wann dann d'Entreprise dës Décisioun ufechte wëllt, ka se dat beim Minister maachen, ka se de Minister saiséieren, dee bannent zwee Méint muss eng motivéiert Décisioun erbäiféieren. Gëtt dat der Entreprise ëmmer nach keng Satisfaktioun, dann huet se d'Méiglechkeet fir mat engem Recours en réformation virum Verwaltungsgericht nach eng Kéier Oppositioun unzemellen.

Domat droe mer dann de Bestëmmung vun der Direktiv 2001/14 Rechnung, déi verlaangen, dass um nationalen Niveau en onofhängegt Kontrollorgan besteet, dat iwwerwaacht, dass d'EU-Bestëmmungen agehale ginn, an dat bei engem eventuelle Recours och dann tranchéiere muss.

D'Regierung war der Meenung, an d'Kommissioun huet sech där Meenung och ugeschloss, dass een net erëm zwou nei Institutionen soll schafen, fir dës Aufgaben ze iwwerhuelen, déi d'CFL aus evidente Grënn, wéi ech d'éinescht scho gesot hunn, an Zukunft net méi erfëlle kann. Si huet duerfir beschloss, e bestehenden Établissement public, d'Communauté des Transports, ze erweideren an deem eng nei Cellule «accès réseau» bäizeginn, déi dann dës nei Aufgaben erfëlle soll.

Här President, et muss ee soen, dass de Statsrot mat dëser Décisioun alles anescht wéi glécklech war. Hien huet Zweifel ugemellt un der Onofhängegkeet vun dëser Cellule an hien huet och beanstant, dass am Gesetz net genau definéiert wier, wien an dëser Cellule géif schaffen a wéi déi Cellule genau fonctionnéiere sollt. De Statsrot war der Meenung, et sollt een dës Fonction essentielle éischter beim ILR, dem Institut Luxembourgeois de Régulation, oder beim Minister selwer eventuell usiedelen.

D'Kommissioun huet dës Iwwerleeungen awer zrëckgewisen a sech dem Choix vun der Regierung ugeschloss, an dat aus gudem a berechtetem Grond. Déi eenzeg Leit hei am Land, déi den Know-how hu fir dës Aufgaben ze erfëllen, déi hei an dësem Kontext ufalen, schaffe logescherweis de Moment bei der Eisebunns-gesellschaft. Et läit also op der Hand, och deene Leit dës Missionen an Zukunft ze iwwerdroen. Den ILR huet kee Personal mat deene Kompetenzen, déi gebraucht ginn, an et kann een och net esou einfach Fonctionnairen dofir astellen, déi bis dohinner mat der Repartitioun vun de Sillonen näischt ze dinn hatten.

Duerfir war jo och initialement virgësinnt, déi Leit, déi elo bei den CFL sinn, un déi Cellule «accès réseau» do ze détachéieren. An duerfir ass jo och schonn am Gesetz iwwert d'Transports publics, wou d'RGTP ëmgewandelt ginn ass an d'Communauté des Transports, dat Gesetz esou modifizéiert ginn, dass ee kéint Leit an d'CdT détachéieren, déi net Fonctionnaire wieren. Eng Léisung, déi och an dësem Fall absolut Sënn mécht.

Wat d'Propos ugeet, d'Fonctions essentielles elo un de Minister ze ginn, déi de Statsrot eigentlech subsidiaresch gemaach huet, esou muss ee soen, dass keen anert Land esou eng Léisung gewielt huet, och wann d'Europäesch Union a priori net un der Onofhängegkeet vum Minister zweifelt. Doriwwer eraus kéint dann awer och de Minister an deem Fall do net méi den Usprichpartner si fir en eventuelle Recours.

Trotz där Opposition formelle, déi de Statsrot op dësem Punkt gemaach huet, huet hien awer d'Méiglechkeet opgelooss, fir d'Fonctions essentielles un eng Cellule vum Verkéiersverband ze ginn, esou wéi d'Regierung et och proposéiert huet, an huet déi Méiglechkeet net definitiv ausgeschloss. Hien huet allerdéngs dofir eng nei Textpropositioun gemaach fir den Artikel 24 vum Projet de loi, deen ënner anerem da méi prezis definéiert, dass d'Membere vun der Cellule «accès réseau», där neier Cellule, hir Décisiounen an aller Onofhängegkeet vun hire Supérieurs hiérarchiques missten huelen. Eppes, wat jo awer eigentlech evident ass an och an der Logik vun der Philosophie vum Gesetz läit.

D'Kommissioun war dann och mat deem Virschlag d'accord an huet dem Statsrot säin Text iwwerholl. Allerdéngs huet si dozou en Amendement gemaach, well si am Gégesaz zum Statsrot net der Meenung war, dass d'Membere vun der Cellule misste Statsfonctionnaire sinn. Et muss ee wëssen, dass dat a villen anere Länner och net de Fall ass, an dass dat zum Beispill

och bei eis haut an der Aviatioun, do wou jo och op eng neutral Aart a Weis d'Slotten, wéi dat an der Aviatioun heescht, d'Sillonen op der Eisebunn, an aller Neutralitéit vergi ginn, net de Fall ass. A sengem Avis complémentaire huet de Statsrot déi Approche vun der Kommissioun dann och akzeptéiert, dass an dës Cellule och Agenté kéinten iwwerholl ginn, déi net onbedéngt missten de Fonctionnairesstatut hunn.

E gëtt sech dann awer nach net ganz geschloen a verlaangt, dass, wann dat esou wär, esou Agenten awer da missten all hierarchesch a statutaresh Relatiounen mat den CFL oder anere Bedreiwer opléisen an dass se och misste vereedegt ginn, wat déi Leit, déi dat haut op der Eisebunn maachen, souwiso zum Deel scho sinn.

Ech wëll elo hei net laang d'Approche vum Statsrot kommentéieren, obschonn ech sécher vun der Kommissioun aus legitiméiert wier fir dat ze maachen. Mir hunn eis jo och an der Kommissioun laang a breet doriwwer ënnerhalen. Et kann een awer d'Fro opwerfen, firwat de Statsrot dëser pragmatescher a sënnvoller Léisung, déi virgeschloeg war, Steng an de Wee gehäit huet, déi net néideg gewiescht wären an och net begrënt waren, dat ëmsou méi mer am Text kloer geschriwwen haten, dass déi Leit hir Aarbecht a voller Onofhängegkeet sollten an och misste maachen. Obschonn och déi Präzisioun eigentlech net noutwendeg gewiescht wär, well et einfach an der Logik vun der Saach ass.

An och de Statsrot, dat muss ee soen, léisst da selwer déi néideg Konsequenz dobäi vermëssen, well hie jo virgeschloen huet, wéi ech et d'ënescht gesot hunn, wann och subsidiäresch, eventuell d'Fonctions essentielles beim Minister unzesiedelen; de Minister, dee jo awer Vertrieeder vun enger Regierung ass, där jo awer d'CFL-Gesellschaft zu wäit iwwer 90% gehéiert. Et kann een also och iwwerall Problemer kreéieren, déi net si missten an déi der Saach, ëm déi et jo schlussendlech awer geet, absolut net dienlech sinn.

D'Kommissioun vertraut op alle Fall, esou wéi et elo ass, dem Minister, dass hie bei der Ëmsetzung vum Gesetz, esou wéi et dann awer hei proposéiert gëtt, de richtige Wee fënnt, fir eppes op d'Been ze stelle wat Sënn mécht. Duerfir huet och d'Kommissioun dës Rapport, deem dem Statsrot senge Bedenken an Iwwerleeungen dann och Rechnung dréit, bon gré, mal gré, muss ech soen, unanime mat de Stëmme vun deene Leit, déi do waren, ugehall, an ech géif lech dann och bieden datselwecht ze maachen.

Ech wëll hei zum Schluss och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen. Och wann ech muss soen, dass mer dat sécher net mat enger ganz grousser Euphorie maachen, well et e Gesetz ass, dat sech aschreift an de Kader vun där Liberaliséierungspolitik, déi speziell am Eisebunnsssecteur zënter 1991 gemaach gëtt. Mir conforméieren eis hei dem europäesche Recht.

Ech muss awer soen, dass mer dee Prozess musse begleeden, bon gré, mal gré, wann och mat gemëschter Gefiller, mat der Iddi fir de Schinneverkéier fir d'Konkurrenz opzemaachen. Mir wäerten eis op alle Fall och an Zukunft dofir asetzen, dass de Spillraum, deem d'Europäesch Unioun eis léisst, fir d'Anhale virun allem vun de Sécherheets- a Qualitéitskritären ze garantéieren, déi awer ganz wesentlich duerch déi Liberaliséierungspolitik do op d'Spill gesat ginn, maximal ausgenotzt gëtt.

An deem Sënn wëll ech awer nach eng Kéier d'Zoustëmmung vun der LSAP zu dësem Projet de loi ginn an, wéi gesot, wier ech frou wann déi aner Fraktiounen sech deem kéinten uschléissen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Schreiner. Deen éischten ageschriwwene Riedner nom Rapporteur ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, no der Berechnung vun der EU-Kommissioun louch 1970 den Undeel vun der Schinn um Gesamtgidderverkéier bei 21%. 1998 war e schonn op 8% zrëckgaangen. Laut der EU-Kommissioun war dat op e Mangel vu gesonder Konkurrenz op deenen eenzelne Réseauen zrëckzeféieren.

Ech stelle mer awer d'Fro, ob dat wierklech haut d'Ursaach ass respektiv och deemools d'Ursaach war. War et net vläicht d'Kommoditéit an de politesche Wëlle vun deenen eenzelne Länner fir verstärkt an de Bau an an d'Moderniséierung vu Stroosseninfrastrukturen ze investéieren an net an den Ausbau vum Eisebunnréseau? Huet den Eisebunnréseau net éischter eng Nieweroll gespillt?

D'Entwécklung vun de Pétrolspräisser a gläichzäiteg och e méi grousst Ëmweltbewosstsinn beim Bierger huet en Ëmdenke provoziert. An dat, wat fir de Gidderverkéier zielt, zielt och deelweis fir de Persouneverkéier.

Theme wéi Pünktlechkeet a Confort vum Passagéier stounge vill ze vill laang am Schiet. Eréischt an deene leschte Jore sinn an deene Volete verstärkt Investitiounen getätégt ginn. Menges Wëssens huet et och iwwer 50 Joer gedauert, bis mer emol ugefaangen hunn nei Strecken ze bauen. De Rescht waren ëmmer nëmmen Instandsetzung vum de besteende Strecken.

Ob dat am Intérêt vum Lëtzeburger Schinnennetz war, dat sief dohigestallt. Ech mengen, mir hunn hei an dësem Haus während dem Débat iwwert den öffentliche Transport, dee jo deemools hei um Ordre du jour stoung, schonn op déi schwéierfällg Prozeduren higewisen, déi een heiansdo feststellt, wann et ëm den Ausbau vum Schinnennetz geet.

Ech wëll do nëmmen ee Beispill nach eng Kéier ervirhiewen, dat ass d'Streck zwëschent der Haaptstad Lëtzebuerg an der Unisstad Esch-Uelzecht, wou déi Eisebunnslinn 2004 decidéiert ginn ass, wou do e Projet op den Instanzewee gaangen ass, awer haut nach ëmmer Avisen dozou feelen.

Et ass also onverständlech an deelweis onakzeptabel, dass d'Lëtzeburger Schinn duerch administrativ Prozeduren nach ëmmer permanent gebremst gëtt an deementspreechend och Schued erleit, fir am Konkurrenzmarké ze bestoen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den 3. Mee 2006 huet d'EU-Kommissioun Folgendes deklaréiert, an ech zitëiere se aus der „Süddeutsche Zeitung“: „Erstes Eisenbahnpaket: Umsetzung läuft nach Fahrplan.“ Iwwert dës Ausso waren deemools vill Leit, besonnesch hei zu Lëtzebuerg, iwwerrascht, well mir d'Ëmsetzungsfrist a sech scho ganz laang iwwerschratt haten.

Elo schreiwe mir 2006. De Pak hätt awer sollen, wéi de Roland Schreiner et scho gesot huet, 2003 respektiv 2004 ëmgemat sinn. Do ass et awer och wierklech kengem Bierger bäizebréngen a kengem Bierger ze veriwelen, wann hie sech fret, wat dat soll, wa mer Délaïé festsetzen, déi iwwerschréiden, souguer och nach dofir veruerteelt ginn an et dach einfach net virugeet!

An dësem Kontext kéint een och nach aner Projeten an aner Direktiven nennen, mat deene mer ein-

fach net virukommen. Leschte Sonndeg war jo eng Porte ouverte iwwert den Tunnel vun der Nordstrooss, an do huet e fréiere Buergermeeschter deklaréiert, d'Fro, déi ee sech am Fong misst stellen, wär déi, wuerfir mer fir dräi Kilometer Tunnel méi laang brauche wéi d'Schwäiz - wou vill Héichtenënnerscheeder sinn - fir 24 Kilometer Tunnel. Déi Ausso vum fréiere Veianer Buergermeeschter kann ech nëmmen ënnerstëtzen, well dat ass effektiv déi Fro, déi ee sech do stelle kann.

Awer 2004, an deem Joer, an deem dës Direktiv hätt sollen ëmgemat ginn, war och hei am Land nach villes anescht. Et war keng Fussballweltmeeschterschaft, Italien war net Weltmeeschter, mä Brasilien war dee Moment nach amtéierende Weltmeeschter. Däitschland hat nach e Kanzler a keng Kanzlerin. Den EU-Kommissiounspräsident huet nach Romano Prodi geheescht; deen ass haut Premierminister vun Italien.

Hei zu Lëtzebuerg...

(Interruption)

Jo, den Här Juncker ass jo och eng Qualitéit, Här Mehlen, an dat musst Dir awer och respektéieren. An zu Lëtzebuerg...

(Interruptions)

An zu Lëtzebuerg goufen d'Chamberwahlen preparéiert. D'DP war nach Regierungspartei an huet den Transportminister gestallt. D'LSAP war Oppositionspartei, den ADR hat nach eng Fraktioun...

(Hilarité)

...an och bei deene Gréngen...

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - An den ADR kritt och erëm eng Fraktioun. Leet Äre Kapp a Rou!

■ **Plusieurs voix.** - Oh!

(Coups de cloche de la Présidence)

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - An och bei deene Grénge ware maner Deputéierten op de Bänken hei an der Chamber wéi haut. Deemools, dat Joer, dat ech ënnersträiche wëll, 2004, wou déi Direktiv hätt missen ëmgemat sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, haut kënnt et dann endlech och zu Lëtzebuerg zur Ëmsetzung vun deene respektiven EU-Direktiven, an ech wëll hei an elo dovou profitéieren, fir dem Rapporteur vun dësem Gesetz, mengem Frënd, dem Roland Schreiner, zu sengem ausféierleche Bericht ze félicitéieren.

■ **Plusieurs voix.** - Ah!!!

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - Schonns...

(Interruption)

Dee war 2004 och nach net do. Richteg, Här Gibéryen.

■ **Une voix.** - Dir waart och nach net do!

(Brouhaha général)

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - Scho virun e puer Méint huet d'Chamber sech an der Rumm vun der Eisebunnstripartite bei der Grënnung vun der CFL-Cargo deels mat dëser Thematik beschäftegt. Aner Projets de loi fir d'Ëmsetzung vun den Tripartitesbeschlëss si jo um Instanzewee; den Transportminister huet déi deponéiert. Mir hoffen, dass mer déi och schnellstens kënne bei der Rentrée sprochräif virleien hunn, fir déi och kënnen ëmzesetzen.

Den EU-Kommissär Jacques Barrot huet am Mee 2006 - ech hu viru drun schonn eng Kéier drop higewisen - deklaréiert: „Die Anwendung

des ersten Eisenbahnpakets ist für die Wiederbelebung des europäischen Eisenbahnsektors von entscheidender Bedeutung.“

(Interruption)

Et stoung awer an der Zeitung esou, Madame Flesch, an ech zitëieren hei dës Kéier d'„Frankfurter Allgemeine Zeitung“.

„In Verbindung mit dem zweiten Eisenbahnpaket von 2004 ist der grundlegende Rechtsrahmen nun vollendet. In einigen Mitgliedstaaten hat die Marktintegration im Schienengüterverkehr bereits zu positiven Ergebnissen geführt. Zu verzeichnen sind der Eintritt neuer Marktteilnehmer und ein größeres Verkehrsvolumen. Der Marktanteil des Schienengüterverkehrs hat sich in Europa stabilisiert. Dies lässt mich optimistisch in die Zukunft blicken. Die begonnenen Veränderungen müssen nun zum Abschluss gebracht werden, um den europäischen Eisenbahnraum im Interesse der Mobilität und Wettbewerbsfähigkeit in Europa zu verwirklichen.“

Ech mengen, dozou ass näischt bäizefügen, mä et ass och gläichzäiteg wichteg, dass ee seet, dass et e sécheren Transport muss sinn - ech erënneren nëmmen u verschiddenen Accidenter, déi emol op privatiséierten Eisebunnsstrecken geschitt sinn, notamment déi Säit der Insel - an dass et och wichteg ass, dass mer also e sécheren an e pünktlechen Transport kréien.

Och eis ass et wichteg, dass d'Mobilitéit besser a méi attraktiv gëtt.

(Brouhaha général)

Déi Säit vum Waasser, entschëllegt!

D'Grënnung vun der CFL-Cargo...

■ **M. le Président.** - Et wier gutt, wann Dir nëmmen nolauschtere géift an net an engem Stéck Interventiounen géift maachen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Also, ech soen lech, mir hu 17 Gesetzer dës Woch. Wa mer eis elo scho bei deem éischten esou emportéieren - et ass jidderengem waarm -, da kann et schéi gi bis en Donneschdeg Owend.

Här Spautz, fuert virun.

(Interruptions)

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - Och eis ass et wichteg, dass d'Mobilitéit besser a méi attraktiv gëtt. D'Grënnung vun der CFL-Cargo, der Jointventure tëschent Arcelor an CFL, ass gutt an noutwendeg an opgrond vun der neier Entwécklung innerhalb der Lëtzeburger Sidérgie ass déi och nach méi néideg wéi jee viru drun - mä ech wëll awer elo net op d'Entwécklung vun der Sidérgie agoen - a vergréissert d'Perspektive vun där neier Gesellschaft.

Dass d'Ëmsetzung vum den Direktiven net vun haut op muer ginn, huet de Rapporteur Roland Schreiner schonns ënnerstrach. Mä et ass awer wichteg, dass mer d'Direktive méi séier ëmsetzen.

Mir setzen also haut mat dësem Gesetz dräi Direktiven ëm, an automatesch musse mir domat d'Gesetzer vum 10. Mee 1995, vum 28. Mäerz 1997 wéi och vum 11. Juli 1999 iwwert d'Infrastrukturen änneren, a mir maachen och eng Ännerung iwwert den Transport public.

A grad dës Ëmännerung, wéi een déi künftg Sillone verdeele respektiv wéi een d'Kontrollen ausféiere soll, huet zu deene meeschten Diskussiounen bei der Ëmsetzung vun dësen Direktive gefouert. Et stellt sech d'Fro, ob dës Instanz un den ILR oder un d'Communauté des Transports ugegiddert gëtt, oder - wéi de Rapporteur et gesot huet - dem Minister direkt ënnerstallt gëtt.

Mir hu Verständnis fir de Statsrot, deen dës Kompetenz léiwer beim ILR geséich. De Problem ass awer, dass déi Leit, déi an eise Land Kompetenz fir dës Aarbecht hunn, haut bei der Société nationale des chemins de fer sinn, a si och no deem Personalstatut schaffen an et net einfach ass vun haut op muer d'Personal vun esou enger Instanz vun enger op eng aner Verwaltung ze versetzen.

Mir soen also dofir Jo zu der Agliederung vun där Instanz bei d'Communauté des Transports, well dat och den Ofmaachung vun der CFL mat de Sozialpartner a mat der Regierung entsprécht, an zu dësem Zäitpunkt och sécherlech déi beschte Léisung ass am Intérêt vum Paquet ferroviaire 1.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll awer elo bei dësem Punkt vun der Geleeënheet profitéieren, der Regierung d'Ureegung ze ginn, fir iwwert d'Aufgaben an d'Kompetenze vum ILR nozedenken. Den ILR huet haut eng wichteg Aufgab, a mir mussen och doriwwer offen diskutéieren, wéi een dës Institutioun ausbaue kann, fir dass si all Ufuerderungen, déi d'Regulariséierung betreffen, ka géréieren.

Den zoustännege Minister ass haut net hei; ech géif dofir den Här Transportminister bidden, dem zoustännege Minister de Wonsch matzehuelen, dass et wichteg wier, eng Diskussioun doriwwer ze féieren, wéi een dem ILR eng aner Struktur ka ginn, fir datt all déi wichteg Punkten, déi een och a künftegen Direktive wäert kréien, an den ILR agebaut kënne ginn, ouni dass dat zu anere Schwierigkeeten féiert, wéi mer jo elo gesinn hunn, wéi dat bei dësem Gesetz de Fall wier, wa mer et géife maachen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, op alle Fall eppes ass fir eis sécher, dass et wichteg ass, dass mer endlech de Paquet ferroviaire 1 ëmsetzen. Domadder gëtt och d'CSV d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Spautz. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Henri Grethen. Här Grethen!

■ **M. Henri Grethen (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur an och de Spriecher vun der CSV hu sech elo iwwert de grénge Kléi gelueft fir d'Ëmsetzung vum éischte Paquet ferroviaire. Ech muss lech soen, Här President, dass dee Paquet zum gréissten Deel schonn ëmgemat war.

Dës Projet huet eigentlech nëmmen zwee Voleten. Dat eent ass, dass gewëss Termen, déi mer viru drun gebraucht hunn, wéi zum Beispill «réseau ferroviaire», dass dat elo «réseau ferré» genannt gëtt,...

(Interruption)

...well dat d'Definitioun ass, déi an den Texten vun den Direktive steet. Dat ass also e ganz wichtige Volet, op dee keen esou richteg agaangen ass vun deenen zwee Virriedner.

An dat Zweet...

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - Da froen ech mech, firwat dee fréiere Minister dat net éischter gemaach huet, wann et esou einfach ass.

M. Henri Grethen (DP). - Här President, ech wëll dem Här Spautz soen, ech weess net wéi seng Kenntnisser am Franséische sinn a meng. Ech wëll och do net vergläichen, mä ech kann lech just soen, dass dat do d'Aarbecht vun zwou Minutte war. Vun zwou Minutten!

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - An dofir hutt Der esou laang gebraucht?

■ **M. Henri Grethen (DP).**- Dat, wou d'Schwieregkeet war, Här President, dat war: Wie gëtt chargéiert dermat, fir déi sou genannt „Sillonnen“ ze verdeelen? Ech war ëmmer der Meenung, an ech bleiwen haut nach der Meenung, dass dat sollt den ILR sinn.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. Henri Grethen (DP).**- A soss keen!

■ **Autre voix.**- Très bien!

■ **M. Henri Grethen (DP).**- Well den ILR ass déi Institutioun, déi mer viru Jore geschafen hunn, fir an aneren Domänen, an der Téléphonie mobile ou fixe, oder beim Elektreschen oder beim Gas, fir do déi Regulatiounen ze maachen. Ech war och ëmmer als Minister der Meenung, dass een net bräicht zousätzlech Gremien ze schafen.

Dat passt awer hei am Land Eenzelnen, besonnesch dem Landesverband, net an de Konzept, well do kéint jo op eemol een hinnen an d'Kaarte kucken. Da gëtt dat Argument bruecht, Här President - an dat hunn ech jo hei héieren -, eenzeg an eleng bei der Eisebunn wieren déi Kompetenze gebündelt, an dofir misst een och an Zukunft déi Kompetenzen notzen.

Déi kéint ee gradesou gutt, Här President, beim ILR benotzen. En ILR, deem säi Bilan esou gesond ass, dass en esouguer dëst Joer kann Dividenden un de Stat zrëckbezuelen. Et muss ee sech froen, ob en Institut de régulation, deem Taxen ophieft à charge vum Consommateur, fir seng Aarbechte kënne ze maachen, ob et deem säin Objet ass Benefisser ze maachen. Sécher net, mä dat ass eng ganz aner Debatt. Déi ass op enger anerer Plaz ze féieren. Mä den ILR hätt finanziell d'Moyenë gehat, fir dat ze maachen, an en hätt och technesch d'Moyenë gehat.

En hätt et just brauchen ähnlech ze maache wéi dat bei der Post gemaach ginn ass: Eng Rei Fonctionnairen, déi bei der Post geschafft hunn, si Fonctionnaire am ILR ginn. Eng Rei Leit, déi am Domän vum Elektreschen, bei der Cegedel a bei anere Gesellschaften, tätég waren, si vum ILR engagéiert ginn. Ech mengen, dass et och engem Lëtzebuerger Eisebunner zouzemuude gewiescht wier mat engem ähnleche Revenu - wann och net mat engem méi héije Revenu, et ass zwar schwéier, mä mat engem ähnleche Revenu - bei den ILR schaffen ze goen, an dat dann do ze maachen.

Mä dës Regierung huet jo, nodeem se am Kader vun der Tripartite déi Accorden do négociéiert huet, da gemengt et misst eng extra Solutioun fonnt ginn. Si hu jo och duerfir déi Centrale de mobilité, d'Mobilitéitszentral, déi ënnert der viregter Regierung vun de Majoritéitspartei gestëmmt gi war an och initiéiert gi war, ofgeschaf. Si ass elo ëmgeännert ginn an déi sou genannten CdT.

Et gëtt Leit, déi mengen et wier e Contrat à durée déterminée. Dat ass et awer net. Et ass net dat. Et ass eppes anescht. Et ass e Gremium, wou een eigentlech net weess, wat se elo maachen. Souguer de Generaldirekter vun deem Organismus huet elo d'Waffe gestreckt - an do kann de Minister eis vläicht soe wat déi dëif Beweggrënn vun deem Generaldirekter waren, fir elo ze demissionéieren.

Héchstwahrscheinlech huet hie sech ënnerbeschäftegt gefillt; ech weess et net. Elo soll dann hei eng nei Beschäftegung kommen. An eng Kommissioun, déi paritéitesch besat ass, wou also déi, déi kontrolléiert gi sollen, sech selwer kontrolléieren, och wann dann en Artifice gemaach gëtt, a gesot gëtt, mä et därer awer keen, deem direkt eppes mat der Eisebunn ze dinn huet, do dra sinn; dat alles, Här President, dat si schlecht Solutiounen.

Mir als Partei bleiwen der Meenung, dass dat eenzeg Richteg gewiescht wier - an de Conseil d'État ass och där Meenung -, dass een déi Kompetenzen am ILR gebündelt hätt. Mä et ass jo awer esou, Här President: L'opposition propose, la majorité dispose. Hei geet et och esou, well si wëllen onbedéngt Recht hunn. Well se bei hire Kollegen an der Bringschuld sinn. Fir deenen ze weise wéi se op hirer Säit sinn, gëtt hei eng schlecht legislativ Aarbecht gemaach.

Här President, Dir wäert lech net wonneren, wann ech lech annonciéieren, dass meng Partei, dass meng Fraktioun dësem schlechte Gesetz hir Zoustëmmung net wäert ginn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. le Président.**- Merci, Här Grethen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Braz. Här Braz!

■ **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President. Et ass de Mëtten elo scho relativ vill geschwat ginn, an och deelweis e bësse Vergaangenheetsbewältigung gemaach ginn. Ech wëll soen, am Numm vun der grénger Fraktioun, dass mir zu dësem Gesetz eng Rei Froen un de Minister hunn, an dass mer et och dovunner ofhängeg maachen, vun der Perspektiv, déi de Minister a senger Äntwert wäert opmaachen, ob mer d'Gesetz da kënne matstëmmen oder net.

Et kann een haut iwwer ganz viles schwätzen zu dësem Thema, wäit Exkursen iwwert d'Zukunft vun der Eisebunn maachen. Fakt ass awer och, dass et haut effektiv nëmmen ëm zwou prezis Saache geet, den Här Grethen huet dat och scho gesot, dat eent ass eng Saach vu Wording, an dat Zweet ass am Wesentlechen: Wien ass an Zukunft zoustänneg fir d'Sillonnen? An dat ass dat, wat haut zur Diskussioun steet; aner Saachen eigentlech net. Doriwwer hu mir schonn an der Vergaangenheet debattéiert. Mir brauchen dat haut net nach eng kéier ze widderhuelen.

Zu der Fro vun de Sillonnen - a mir hunn dat och an der Kommissioun artikuléiert -, do si mir och der Meenung - obwuel mer deem Accord tripartite mat ënnerstëtzen, well mer fannen, dass deemools eng insgesamt gutt an zefridde stellend Aarbecht geleescht ginn ass -, dass et am éischten Intérêt vun der Eisebunn selwer ass, dass een awer och als Partei, déi net Partie prenante war vun de Verhandlungen, dofir net all eenzelne Passus vun deem Accord tripartite muss matdroen. A mir hunn och gesot an der Kommissioun, dass mer schonn der Meenung wäeren, dass dee Volet iwwert d'Attributioun vun de Sillonnen eis net géing ganz zefridde stellen.

Och si mir der Meenung, dass et besser wär, wann d'Attributioun vun de Sillonnen an den Hänn vun ILR géing leien. Mir sinn iwwerengs och der Meenung, dass dat net nëmmen de Fall sollt si bei der Eisebunn, mä dass dat och de Fall sollt sinn an der Aviation civile. Och do si mer der Meenung, dass déi gewuessen, déi historiesch Solutioun, déi mer hunn, e Modell ass, deem amgaangen ass auszelafen.

Mir kënnen eis als Gréng absolut virstellen, dass een am Kader vun enger Diskussioun iwwert d'Kompetenze vum ILR sech seriö Froe misst stellen, ob een net misst d'Kompetenze bei de Sillonnen oder bei de Loftsillonnen - wann een et esou wëllt nennen -, ob een déi zwou Kompetenzen net wierklech besser hätt an den Hänn vun ILR ze bündelen, deem eiser Meenung no wierklech deem Établissement public ass, deem all d'Garantië ka bidde vun Indépendance, vun Impartialitéit, fir sech mat dëse Froe seriö beschäftegen ze kënnen.

Doropshin kéinte mer jo da soen: Vu dass dat net geschitt, elo stëmme mer géint dee Projet als Fraktioun. Mir sinn awer och gläichzäitig der Meenung, dass eng Solutioun am Moment virläit, déi net ganz evident ass, an de Statsrot huet deelweis gehollef. En huet awer och deelweis zu där e bësse méi verzweckter Solutioun bäigedroen duerch notament säi leschten Avis. Esou dass d'Regierung am Moment eigentlech net méi schrecklech vill Alternativen huet, wa se wëllt déi Engagementer par rapport zu Europa anhalen, wou mer schonn zwee Joer hanrendru lafen a wou se duerch eng Rei mëndlech Interventiounen ëmmer nees en neien Ausstand kritt huet, well iergendwann eng kéier räisst och bei deem gedëllegste Bréissler Beamten de Fuedem.

An zweetens, duerch den Avis vum Statsrot, deem eng Rei Punkten opgeworf huet, ass d'Regierung elo e bëssen um Punkt, dass se seet: Wa mer et wëllen, esou wéi mer eis engagéiert hunn, virum Summer aus de Féiss hunn, da musse mer dat elo huele wat de Statsrot eis seet, obwuel se, mengen ech, selwer net ganz vill iwwerzeegt ass vun all den Detailer, déi elo am Text zrëckbehale gi sinn. Dat versti mer. Dofir hu mer och Versteesdemech. Dir sidd do an enger Contrainte, déi net esou liicht ze solutionéieren ass.

Mir sinn awer der Meenung, dass déi Solutioun, déi mer elo zrëckbehale hunn, och zu Bréissel nach net onbedéngt ugeholl ginn ass. Do sinn eng Rei Saachen dran am Text, déi eiser Meenung no - an dat wëlle mer och gären hei akteiert hunn - zu Bréissel nach net automatesch ofgestempelt wäerte ginn, notament déi Konditiounen vun der Indépendance vun der Cellule, déi mer wëllen, wéi soll ech soen, bannent, ënnert, nieft oder nobäi der CdT elo hei aféieren. Déi Kritäre vun Indépendance sinn eiser Meenung no net esou automatesch ginn. Do ass nach Spillraum dran, e Spillraum, dee méiglecherweis der Kommissioun net passe wäert.

Et ass och net automatesch acquis, dass déi Indépendance ginn ass, wann een e Recours ka maache géint eng Décisioun vun der Cellule beim Direkter vun der CdT, wann een awer weess, dass an der CdT beispillsweis d'CFL mat vertrauden ass. Och do, och wann dee Recours en personne beim Direkter gemaach gëtt, weess een awer, dass duerch d'Kompositioun vun der CdT d'CFL doranner present ass an dass erëm eng kéier déi Konditiounen vun Indépendance wierklech op der Limite leien. Do si mer wierklech op der Limite, a mir hunn de Verdacht, dass mer vläicht souguer mat enger Zéif oder nach méi op der falscher Säit vun der Limite eis bewege mat dësem Projet. Dat wäerte mer da gesinn, wat d'Kommissioun eis dorobber äntwert.

Wat eis als Gréng wichteg ass fir kënnen eis Zoustëmmung zum Projet ze ginn, dat ass eng Ausso vun der Regierung iwwert d'Perspektive vun no der Adoptioun vun dësem Gesetz, wat mer haut ënnert dëser Form an d'Chamber bréngen, fir déi Engagementer zu Bréissel kënnen anzeléisen, zumindest an der Form an an Délaien anzeléisen, nämlech ob d'Regierung awer bereet ass, déi Diskussioun, déi mer haut provisoersch géingen ofschléissen duerch dëse Vote, awer relativ rapid nees unzefänken, fir se an enger Perspektiv vun enger Erweiterung vun de Kompetenze vum ILR ze diskutéieren, net nëmme wat d'Eisebunn betrëfft, mä och wat, wéi gesot, d'Aviation civile betrëfft. Vun där Äntwert wäerte mer et dann ofhängeg maachen ob mer kënnen eis Zoustëmmung ginn oder net.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Braz. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Gibéryen. Här Gibéryen!

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit e Wuert vu Merci un de Kolleeg Roland Schreiner als Rapporteur vun dësem Projet de loi. Et ass hei scho vu menge Virriedner gesot ginn, et geet ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv 91/440, am Fong nach just wat den éischte Paquet ferroviaire ubelaangt, eng déi och zrëckféieren ass op Diskussiounen, déi mer an der Eisebunnstripartite virun e puer Méint haten.

Hei gëtt en Organisme indépendant geschaf, deem seng Tâche den «accès équitable et non discriminatoire à l'infrastructure ferroviaire» ass. Dësen Organisme muss ofhängeg si vun den Entreprises, déi am Secteur schaffen, aktiv sinn, den Zuchbedreiwer also; dat um juristeschen, um organisatoreschen an um décisionnellë Plang.

D'prinzipiell Fro, déi sech am Zusammenhang mat dësem Gesetz gestallt huet, war: Erfëllt d'CdT, d'Communauté des Transports, de Verkéiersverbond, dee geschaf ginn ass duerch d'Gesetz vum 29. Juni 2004, dës Kritären, wann e mat dëser Missioun beoptraagt gëtt, wat d'Onofhängegkeet éischens vun der Institutioun an zweetens och vum Personal ubelaangt? Déi verschidden Avisen, déi zu dësem Gesetz erakomm si vun de Chambres professionnelles an och vum Conseil d'État, hu sech intensiv mat deene Froe beschäftegt.

Sou huet d'Chambre de Travail an hirem Avis zum Beispill opgeworf, dass am Abléck ee Verrieder vun den CFL an dem Verwaltungsrot wier. D'CdT steet ënnert der Tutelle vum Transportministère. De Conseil d'État huet eng Opposition formelle gemaach iwwert d'CdT wat d'Cellule «accès réseau» ubelaangt, dass dës Dispositiounen contradictoire mat den elementare Prinzipië vum Droit administratif wieren. D'Kommissioun huet doropshin zwee Amendementer gemaach, déi zum groussen Deel dem Conseil d'État Satisfaktioun ginn hunn a wou dann och, mengen ech, konnt zum Schluss en Accord fonnt ginn.

D'Fro war och déi vun de Souveränitéitsrechter. De Conseil d'État huet a sengem Avis gesot, dass am Fong hei Souveränitéitsrechter géifen traitéiert ginn an dass dat nëmme kéint vu Fonctionnaire gemaach ginn an net vu Leit, déi en Agent des CFL wieren. Et ass dunn eng Formulatioun fonnt ginn am Text, déi souwuel de Fuerderunge vum Conseil d'État wéi der Kommissioun wéi der Regierung Rechnung gedroen huet, mat och dem Zousaz, dass déi Leit missten an Zukunft vereedeet ginn. Si missten och doriwwer eraus komplett getrennt sinn, souwuel wat d'Hierarchie ubelaangt wéi d'Uweisung vis-à-vis vun den CFL.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir als ADR ginn eis Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet, och wa mer léiwer gesinn hätten, wann d'Kompetenzen ënnert den ILR gefall wieren. Mä mir hu sengerzäit nom Accord tripartite hei op dëser Plaz och deklaréiert, dass mer eis Zoustëmmung géife ginn zum Accord tripartite, deem am Eisebunnsssecteur geholl ginn ass, an dat hei ass eiser Meenung no een Deel vun deem Accord gewiescht, an duerfir och konsequenterweis vun eiser Säit aus en Accord zu dësem Gesetz.

Et muss een allerdéngs wëssen, dass dat hei nëmmen e Gesetz ass, eng Etapp ass, an dass mer nach laang net um Enn sinn. Ech géif éischer soen, dass mer elo eréischt

um Ufank sti vun där grousser Ëmwelzung am Transportsecteur am Kader vun der europäescher Liberalisatioun. Mir wëssen alleguer, dass den 1. Januar 2007 de Fret liberaliséiert gëtt. Duerfir si jo och déi Accordë getraff ginn. Am Voyeursberäich ass den 1. Januar 2010 d'Richtlinn, fir Lëtzebuerg 2012. Duerfir menge mir, dass am Fong elo eréischt den Ufank vun der décisionneller Phas kënnt, wou mer wierklech konkret um Terrain erliewe wat dës Gesetzter als Konsequenzen am Detail wäerten hunn.

Mir wëssen alleguer, dass Lëtzebuerg haut an der Regel am Hannertreffen ass, net nëmme wat d'Ëmsetzung, mä och wat d'Konsequenze vun der Ëmsetzung ugeet. Et war ëmmer Lëtzebuerg wat eng relativ retizent Haltung hat an der Ëmsetzung vun dëser Direktiv. A wa mer ganz éierlech sinn, muss een e gewëssene Sënnswandel feststellen, dee mer haut hei bei verschiddene Virriedner, déi aus der Gewerkschaftszen kommen, feststellen.

Well wa mer an de Jore virdrun déi Direktiven net ëmgesat hunn, da war dat net, wéi den Här Spautz hei versicht huet dat ze erklären, well 2004 déi Gréng nach net esou vill Deputéierten an der Chamber hatten, den ADR der méi hat, d'LSAP an der Opposition war an d'DP an der Majoritéit, a well Däitschland e Kanzler hat a keng Kanzlerin, mä et war virun allem drop zrëckzeféieren, well deemools déi Eisebunnergewerkschafte massiven Drock gemaach hu fir an déi dote Richtung ze goen. An ech mengen eis sozialistesch Kollegen, déi déi Zäit an der Opposition waren, déi waren am Fong hei dat liewegt Sprachrohr vun deene Gewerkschaften an déi hu sech ganz op hir Säit gestallt, virun de Wahlen. Elo no de Wahlen hu mer dann op eemol e Sënnswandel do festgestallt, wou dann eben en anere Minister den Transportsecteur iwwerholl huet.

An déi Gewerkschaft, déi him jo dann no steet an déi sengerzäit ferm Opposition gemaach huet, déi stellt dann elo haut op eemol, géif ech soen, de Rapporteur zu engem Gesetz wat a fréieren Zäite vun deene Leit awer staark bekämpft ginn ass. Ech hunn dat schonn eng kéier hei gesot: Wann de fréieren Transportminister Henri Grethen dat heite Gesetz esou ëmgesat hätt oder ëmgesat hätt a senger Integralitéit, an och dat wat mer an der Tripartite Eisebunn realiséiert hunn, da wier sécherlech de Generalstreik ausgebrach. Mä d'Zäiten hu sech geännert an haut ass et zu Lëtzebuerg méiglech, fir dat ganz roueg iwwert d'Bühn ze bréngen.

Mir mussen awer feststellen, dass duerch déi Politik Lëtzebuerg an d'Hannertreffe geroden ass. An et muss ee sech dann och bewosst sinn, wien seng Schuld dass dat war, wa mer eben déi Direktiven net esou séier ëmgesat hunn, well mer wësse wann eng Direktiv bis ugeholl ass, kënne mer souwisou näischt méi drun änneren. Mir kënnen nach just am Kader vun deem Spillraum, deem d'Direktiv eis léisst, agéieren a mir mussen also domat liewen.

Et ass also eiser Meenung no besser fir da méi séier doriwwer ewechzegoen an déi Direktiven ëmzesetzen, fir eben och kënne vun de Virdeeler, déi noutgedronge sech awer erginn aus där neier Richtlinn wat d'europäesch Politik am Transportsecteur ubelaangt, ze profitéieren, fir ebe vir bäi ze si wann nei Marchéen opginn, wann nei Strukture gebaut ginn.

An ech erënneren drun, wa mäi fréiere Fraktiounskolleeg, deemolege Fraktiounskolleeg, de Fernand Geisen, hei ëmmer an déi Richtung plädéiert huet, dass mer net sollte bremsen, mä dass mer sollten esou séier wéi méiglech déi Direktiven ëmsetzen, fir och vir mat derbäi ze sinn, dass dat dann ëmmer dohigestallt ginn ass wéi en

Ugrëff op eis national Eisebunner-gesellschaft, wat et a Wierklech-keet net war. Well wann ee weess, datt ee muss zu engem bestëmmten Zäitpunkt dach déi Richtlinn ëmsetzen an applizéieren, dann ass et besser et setzt ee se éischter ëm, a wat ee méi laang waart, wat ee méi an d'Hannertreffe kënnt.

Et war also eiser Meenung no falsch, datt mer esou laang ge-waart hunn, fir déi Direktiven ëmsetzen. Et wier besser gewiescht, wann dat esou séier wéi méiglech gemaach gi wier, dann hätte mer och d'Politik op deem Niveau méi beaflosse kënnen.

Et muss ee sech selbstverständlech haut d'Fro och stellen - et diskutéiert een net esou doriwwer - vun de Konsequenze vun där europäescher Liberaliséierung am Transportsecteur.

An ech mengen den Här Transport-minister huet et selwer, wann ech mech ka gutt erënneren, hei an der Debatt, déi mer iwwert den Accord vun der Eisebunnstripartite gefouert hunn, gesot, datt een eventu-ell eng Kéier kann dovun ausgoen, datt mer um europäeschen Niveau ganz aner Strukture kréien, souwuel am Fretberäich wéi am Voyageursberäich, datt mer vläicht an enger Rei vu Joren nëmme méi zwou, dräi grouss Transportgesell-schaften an Europa hunn, déi da länneriwwergräifend agéieren, wéi mer dat elo schonn zum Deel am Fretberäich kennen. Déi Tendenz wäert och virugoen an doduerch wäert et ëmmer méi schwéier ginn als wierklech kleng - an ech mengen, dat kënne mer awer wierklech soen - national Gesellschaft hei vu Lëtzebuerg an dësem groussen europäesche Konkurrenzkampf ze bestoen. Mir wäerte kleng Chan-cen hunn, fir eegestänneg ze iw-werliewen.

Duerfir musse mer wëssen, datt déi Tendenzen am Kader vun der Libe-raliséierung vun der europäescher Transportpolitik wäerten zu grouse-multinationale Gesellschaften hi féieren, vun deenen herno an Eu-ro-pa der nach zwou, dräi oder véier wäerten iwwreg bleiwen - mat deem Risiko an deene Geforen, déi d'Konsequenze kënne si vun där Politik.

An ech wëll ofschléissend, Här Pre-sident, nach eng Kéier op eppes hiweisen, wouriwwer mer eis am Fong alleguer heibanne mittler-weil, géif ech soen, eens sinn, mä wou mer nach net de Wee fonnt hunn, fir dergéint ze agéieren: Dat ass, datt mir nach ëmmer nëmmen nodréiglech iwwert d'Konsequenze vun europäeschen Direktiven hei diskutéieren. Dacks applizéiere mer beim Ëmsetzen esou Proze-dure wéi mer se och dës Kéier aplizéiert hunn, mä et ass awer esou, datt, wa mer dat verhënnere wëllen, mir am Fong de Spiiss missten ëmdréinen an un den Ufank vun der Debatt misste komme.

Do soen ech näischt Neies, mä ech mengen, mir mussen et fäerdeg bréngen iergendwann dach eng Kéier als Nationalparlament vun Ufank u méi an den décisionnellë Phasen - wann eng Direktiv er-stallt, erschafft gëtt - dobäi ze sinn, an domat den öffentlechen Débat net nëmmen um Niveau vum Parla-ment, mä och bei der Société ci-vile, bei de Chambres profession-nelles an an der Öffentlechkeet ze lancéieren, fir datt déi Konsequen-zen, déi mer herno alleguer da ver-urteilen, am Virfeld kënnen ofge-baut ginn, well soss ännere mer näischt un där Politik.

Et ass eng Politik, déi sech iwwer Joren, ech géing soe Jorzéngten opgebaut huet, vun där och jid-deree weess, datt se net wäert esou llicht ze korrigéiere sinn. Dat ass een Zuch, deen op enger Schinn steet, wou mer iwwer Jor-zéngten, géing ech soen, verpasst hunn, ons intensiv domat ze be-faassen an haut reege mer eis alle-guer iwwert d'Konsequenzen op, un deene mer näischt méi ännere kënnen.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. D'Wuert huet elo fir d'Re-gierung den zoustänneg Minister, den Här Lucien Lux. Här Minister, Dir hätt d'Wuert.

■ **M. Lucien Lux, Ministre des Transports.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollee-ginnen a Kollegeen, déi Diskus-sioun de Mëtteg huet gewisen, dass een zu dësem Projet wäit kann aushuelen an iwwert d'Resul-tater vun der Liberaliséierung, iwwert d'Zukunft vun der Lëtzebuer-ger Eisebunn am Zuch vun der Li-beraliséierung diskutéiere kann.

Et kann ee sech awer och just be-schränken op de Projet de loi vun haut, bei deem et a sech „just“ drëm geet, fir ze kucken, wou de Lëtzebuerger Stat déi sou ge-nannte Fonctions essentielles si-tuéiere wëllt.

Ech géif mengen, et kënnt een déi zwou Saache kuerz kommentéie-ren, mä et läit mer fir d'éischt emol um Häerz fir der Chamber, der Transportkommissioun, hirem Pre-sident a Rapporteur, an dësem Fall dem Kolleeg Roland Schreiner, e grouse Merci ze soen, well d'Ra-piditéit an der Chamber mir et er-laabt, fir zu Bréissel mengem En-gagement vis-à-vis vun der Kom-missioun gerecht ze ginn, fir am éischte Semester vun dësem Joer endlech d'Transpositioun vum éischte Paquet ferroviaire maa-chen ze kënnen.

Mir hu virun e puer Wochen am Conseil vun den Transportministe-ren de Kommissär Barrot héieren d'Evaluatioun maache vum éischte Paquet ferroviaire. Ech war ganz frou, dass hien et si gelooss huet, fir op Lëtzebuerg extra mam Fan-ger ze weisen, well mer effektiv dat eenzegt Land sinn, wat den éischte Paquet ferroviaire nach net transposéiert huet.

An ee Fakt bleift och, an dat war deen immensen Zäitdrock, vun deem och de Kolleeg Braz hei ge-schwat huet, deen immensen Zäit-drock, dee mer haten, well mir wéinst där Non-transposition den 30. September 2004 eng éischte Kéier veruerteelt gi sinn. An a sech wär och, mengen ech, dat zweet Uerteel mat deenen deementsprie-chende finanzielle Sanktiounen scho gesprach, wa mer net den Deal mat der Kommissioun gemaach hätten, fir bis Enn 2005 um Niveau vun der Tripartite en Accord ënnert de Partenaires sociaux ze fannen an eis da sechs Méint ze ginn, fir dann och um Niveau vum Parla-ment déi definitiv Transpositioun ze maachen.

Dofir sinn ech frou, dass ech muer dem Kommissär Barrot ka matdee-len, dass mer dat bis dohinner da gepackt hunn.

Ech mengen och, dass et müsseg ass, déi Attitüd vum Conseil d'État laang ze diskutéieren. Ech géif mer awer och erlaben, hei ze soen - an ech menge bei eenzelne Projekte vun der leschter Zäit ass dat jo méi oft hei gemaach ginn -, dass ech dach e gewëssent Onverständnis dofir hunn, dass mer den 23. De-zember d'lescht Joer dëse Projet deponéiert hunn, an och beim Conseil d'État deponéiert hunn, an dass et wierklech dräi schrëftlech Rappeller gebraucht huet, bis de Conseil d'État en Avis ofginn huet.

Ech mengen, dat hätt, esou wéi d'Délaien elo waren, kënne schif goen, wann ee weess, dass d'fi-nanziell Sanktioun bis zum Mee schonn eleng eng hallef Millioun Euro héich gewiescht wär fir de Lëtzebuerger Stat. Da gesäit een och, wat fir eng finanziell Réper-cussiounen esou Attitüde kënnen hunn; ech mengen, dass déi net onbedéngt ganz positiv sinn.

Ech mengen, dass de Mëtteg sécherlech iwwert d'Liberaliséierung ka geschwat ginn. Ech wëll zwou Attitüde vun der Kommissioun dach awer kritesch kommentéie-ren. Déi éischt ass déi, dass

d'Kommissioun virun e puer Wo-chen eng éischt Evaluatioun vum éischte Paquet ferroviaire virge-luecht huet, an eisen Aen eng, déi net all Facetten erëmgëtt an déi och vu ville kritesch kommentéiert ginn ass. Déi virun allem gemaach ginn ass eleng an der Bulle zu Bréissel; déi net gemaach ginn ass do-bausse mat de Memberlänner, net gemaach ginn ass och mat de Sozialpartner, sief et um Niveau vun der CER, dat heescht weder mat de Patronatsdirektiounen vun den Eisebunner nach awer och mat de Gewerkschaften, sou dass vill Facettë besonnesch um Niveau vun der sozialer Kohesioun am Ze-sammenhang mat der Liberaliséie-rung hei vergiess gi sinn.

An ech muss och soen, zweetens huet mech dach awer och iwwer-rascht, dass de Kommissär Barrot d'virlescht Woch eng „mid-term re-view“ gemaach huet vun der Trans-portpolitik, an do e Réagencement vun der Transportpolitik gemaach huet, deen dach awer relativ bedei-tend ass, an deem Mooss, dass et net méi drëm geet wéi virdrun, fir ze soen, mir wëllen d'Schinn privi-legiéiert a prioritär fördere par rap-port zu aneren Trägere, mä dass elo eng Attitüd ageholl gëtt, fir sech neutral ze stellen an ze soen, d'Schinn, d'Strooss, d'Aviatioun an d'Navigatioun sollen op engem Pied d'égalité behandelt ginn.

Ech mengen, dass dat eppes ass, wat d'Lëtzebuerger Regierung net esou gesäit. Mir mengen nach wie vor, dass wa mer d'Situatioun op de Stroossen an Europa kucken, wa mer d'Situatioun vum Non-investissement an deenen do Beräicher vun der Schinn kucken, wann ee gesäit, wéi schwiereng a wéi schwéierfällig mir et eis maa-chen, fir déi sou genannte grands réseaux transeuropéens ëmzeset-zen, dass awer eppes geschéie muss.

Mir hunn elo aacht Milliarden Euro am Paquet vun de Finanzperspek-tive leien, fir dat ze maachen, mä mir doen eis enorm schwéier, fir dat iwwert d'Bühn ze bréngen. Alles also Punkten, wou et wichteg wär, dass mer an deenen nächste Méint a Jore géinge weiderkom-men.

Ech gesinn dräi Zilsetzungen, déi mir wichteg sinn, wann dëst Ge-setz haut gestëmmt ginn ass: Eng ass, wéi gesot, eis eng Kéier ze conforméieren zu där Direktiv vum éischte Paquet; an dann awer och um zweete Paquet ganz effikass ze schaffen. Den zweete Paquet, wou erëm eng Kéier dräi Direktiven ustinn, eng weider Ouverture, och d'Problematic vun der Sécherheet an d'Problematic vun der Interopé-rabilitéit.

Ech mengen, hei ass et wichteg, dass mer, esou wéi mer et am-gang sinn am Ministère awer och bei der Eisebunn oder bei der SNCH ze maachen, kucke schnell an de Virbereedunge weiderze-kommen, fir déi Transpositioun vir-zehuelen, an net erëm eng Kéier eis enger Klo a vläicht souguer en-ger Verurteilung auszesetzen.

An dann hu mer jo och den drëtte Paquet virzebereeden, wou mer eis an der Tripartite eens gi sinn, fir eis fréi genuch zesummenzesetzen, fir ze kucke wéi déi Ëmsetzung kënnt ausgesinn um Niveau vum interna-tionale Voyageurstrafic, woubäi ee jo weess, dass mer do an der Dé-ci-sioun vum Conseil eng Ausnah-mebestëmmung fir Lëtzebuerg kritt hunn, dass net 2010 mä 2012 als Date de transposition fir Lëtze-buerg gëllt.

Dat Zweet, wat, mengen ech, wich-teg ass - an ech hat viru kuerzem d'Geleeënheet hei méi am Detail doriwwer ze schwätze bei enger Fro vum Kolleeg Roland Schreiner -, dat ass den Accord tripartite schnell ëmzesetzen. De Kolleeg

Marc Spautz huet drop higewisen, op déi Projeten, déi deponéiert do leien, déi beim Conseil d'État pour avis sinn: deen iwwert de Statut, deen awer och iwwert d'Acquisi-tioun vun den Infrastrukture vun der CFL respektiv och der Arcelor.

Et sinn déi Diskussiounen, iwwert d'Ordres généraux, iwwert d'Con-ditions de travail, iwwert d'Forma-tioun, iwwert d'Polyvalence um Ni-veau vun der Eisebunn ze féieren.

Et ass d'Konstituëierung vun der Gesellschaft CFL-Cargo ze maa-chen. An ech mengen, dorunner läit dann dee fir mech drëtte Punkt, nämlech ze bastelen an där Eise-bunn vu mar a vun iwwermer, déi ee sécherlech ka bauen op eng ganz Rei vun Energien a vu Kom-petenz vu gëschter a vu virgësch-ter, mä déi sech och muss bewe-gen. Ech ginn et net midd dat ëm-mer erëm ze soen, dass mer eis müssen do fitmaachen, en indus-trielle Projet an der CFL-Cargo op d'Been ze setze mat deem Partner, dee mer eis do erausgesicht hunn.

Dat musse mer och beim Voya-geursberäich maachen, dass een och do muss op si fir nei Iddien, dass ee sech och do muss bewe-gen, dass ee muss kucken, wat fir eng Partneren hunn en Know-how fir eis do och kënne weiderzebrén-gen, dass mer weider Part-de-mar-chéen an der Groussregioun, an Europa kënne kréien, ouni dass mer d'Kooperatioun mat den No-peschregiounen an Nopeschlän-ner sollen op der Säit loosser. Dat war e groussen Débat. Ech men-gen, mir wëllen net als Krichshär dorëmmer als CFL-Cargo optrie-den. Mä mir wëllen am Rahme vun dem Projet Sibelit zum Beispill oder der Axe ferroviaire vu Beetebuerg op Perpignan mat anere weider ze-summeschaffen.

Niewent deenen dräi Zilsetzungen e puer Wuert zum Gesetzesprojet selwer. Ech mengen, meng Virried-ner hunn all Facetten zu deem Domän opgezielt. Ech maache mer et net esou einfach - adresséiert un de Kolleeg Félix Braz -, fir ze soen, dass mer d'CdT, d'Communauté des Transports, hei gewielt hunn, well den Accord tripartite dat esou seet. Ech hunn ëmmer hei plä-déiert an deene 15 Joer an der Chamber, dass d'Tripartite-Ac-cordé wichteg Elementer fir eng Chamber sinn, mä dass d'Cham-ber ëmmer fräi muss sinn, fir och zu aneren Décisiounen ze kom-men, wa se der Meenung ass, dass dat richtig ass.

Allerdéngs wëll ech an deem heite Fall soen, dass mer eis laang scho virun der Tripartite an engem Groupe de travail mat deenen een-zelne Partneren doriwwer ënnerha-len hunn, och Kontakter mat dem ILR selwer haten, wou d'Begeesch-terung net grouss war fir déi Kom-petenz ze iwwerhuelen a wou mer och pragmatesch musse sinn. Wann ech an déi Nopeschlänner ronderëm mech kucken, wéi déi dat gemaach hunn, dann hunn déi heiandsdo vill méi einfach Solu-tiounen gesicht.

Mir hunn zwielf Leit, déi haut bei der Eisebunn schaffen, déi sech dorëmmer këmmen. Déi sinn an all deenen anere Länner ronderëm och iwwerholl ginn, fir déi Aarbecht an enger verännelter Aart a Weis och an Zukunft ze maachen. Elo einfach deenen zwielf eng aner Tätegkeet ze ginn, an zwielf Neier müssen anstellen, ass eng on-pragmatesch a virun allem och eng deier Solutioun, déi een och muss gesinn.

Dofir mengen ech also - an ech mengen dat ass d'Äntwert op déi Fro, déi ech virdu gestallt kritt hunn -, dass ech natierlech, sécherlech mam Wirtschaftsminister, deen de kompetente Minister fir den ILR ass, et fir richtig befan-nen, dass een déi Diskussioun féiert: Wat kann d'Zukunft vum ILR sinn? Wéi wëlle mer an Zukunft an all deene Beräicher, net nëmmen an den Telekommunikatiounen, an der Eisebunn, an der Aviatioun an esou virun, domat ëmgoen?

Ech wëll lech awer och drun erën-neren, dass zum Beispill d'Verdee-lung vun de Slotten an der Avia-tioun an alle Länner vun der Euro-päescher Unioun vum Flughafenbe-dreier gemaach gëtt. Dat ass néierens do eng aner Institution. Et ass ëmmer de Bedreier vum Flughafen, deen dat mécht. Dat also och hei, vis-à-vis vun deem, wat de Conseil d'État gesot huet, dat kënnt nëmmen den ILR sinn.

Beim Gesetz iwwert de lux-Airport 2002 huet de Statsrot kee Problem gehat fir d'Verdeelung vun de Slot-ten - esou wéi et an deenen anere Länner och ass - enger privater Gesellschaft, Leit mat privatem Statut unzevertrauen. Hei seet en: Et musse Fonctionnairé sinn. Dee-mools war dat kee Problem. An et ass en fait datselwecht, ob een d'Sillonen, ob een d'Capacités an der Schinn oder d'Capacités an der Loft verdeelt. Et ass, men-gen ech, vun engem politeschen, juristesche Feld aus gesinn a sech datselwecht. Duerfir, mengen ech, sollte mir déi Diskussioun iwwert den ILR féieren, an déi hu mer jo och an der Kommissioun schonn ugefaangen.

(Interruption)

Doriwwer eraus ass jo och déi Fro - ech maache just dee Saz nach fäerdeg - vun der Indépendance vun deenen engen a vun deenen anere vum Rapporteur Roland Schreiner a sech scho beäntwert ginn. Wat ass, wann de Conseil d'État seet, et däerf net d'Communauté des Transports sinn, well do kënnt e Problem vun Indépen-dance sinn, an dann awer propo-séiert et soll d'Kompetenz vum Mi-nister sinn? E Minister, deen awer, mengen ech, 94% vum Actionna-riat vun der Eisebunnsgesellschaft en tant que tel duerstellt an en Eed ofgeleescht huet, fir déi en bon père de famille ze géréieren a wei-derzekommen. Och do, mengen ech, ass also d'Indépendance vun deenen engen a vun deenen ane-ren net esou kloer.

Mä ech mengen, Här President, dass de Kolleeg Braz mer eng Fro wollt stellen.

■ **M. le Président.** - Här Braz.

■ **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Jo. Also just eng Remarque an eng Fro.

D'Remarque ass, dass een awer och beim Flughafen muss soen, dass dat keng Leit sinn, déi vun der Luxair sinn, déi déi Décisiounen do mathuele bei de Slotten, während hei sinn et awer scho Leit, och an Zukunft, déi iwwert d'Sillone müssen décidéieren, déi trotzdeem nach ëmmer nëmmen détachéiert vun der Eisebunnsgesellschaft sinn, déi also, wat hir Renten-uspréich ugeet, nach ëmmer an en-gem Lien zu der CFL stinn, déi den Haaptopérateur bleift.

Dorausser kann natierlech och fir d'Kommissioun zu Bréissel eppes entstoen, wat eng Verméschung vun den Intérète betrëfft. An an deem Sënn ass et mam Flughafen net ze verwiesselen, well do effek-tiv keng Leit vun der Luxair, vum Flugopérateur selwer sëtzen.

An d'Fro ass, ob ech lech richtig verstanen hunn, dass Dir awer do-mat d'accord sidd, mam Här Krecké zesummen iwwer eng Er-weiderung vun de Kompetenze vum ILR ze diskutéieren, woubäi mir natierlech verstinn, Dir kënnt haut net soen: Stëmmt mer dat hei-ten, mä ech halen et selwer fir Blödsinn! Do si mer eis eens. Et gëtt jo och Argumenter, och prak-tesch gelagerter...

■ **M. Lucien Lux, Ministre des Transports.** - Ech halen et net fir Blödsinn.

■ **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Voilà! Et gëtt jo och praktesch ge-lagert Argumenter fir déi heite So-lutioun. Mä trotzdeem, hunn ech lech richtig verstanen, dass Der sot, Dir verwiert lech awer net der-géint, dass mam Här Krecké ze-

summen iwwert dem ILR seng Kompetenzen därëf offen diskutéiert ginn, nonobstant wat mer haut zrëckbehalen hunn?

■ **M. Lucien Lux, Ministre des Transports.**- Also ech wëll, wat déi Fro ubelaangt, dat soen, wat ech an der Kommissioun scho gesot hunn, wéi mer driwwer geschwat hunn, dass et noutwendeg ass, dass mer iwwert d'Zukunft vum ILR diskutéieren an effektiv kucken: Wat fir eng Kompetenzen hu mer an all deene jeeweilege Beräicher? Déi Diskussioun wëll ech zesumme mam Wirtschaftsminister féieren. Dat Engagement huelen ech hei.

Wat d'Resultat vun där Diskussioun ass, mengen ech, erlaabt Der, dass ech lech dat haut net soe kann. Mä déi Diskussioun solle mer féieren, déi solle mer och an der Transportkommissioun vläicht an enger Réunion jointe mat der Wirtschaftskommissioun féieren, dat géif ech emol hei sollicitéieren, fir ze kucke wéi mer dat an Zukunft maachen.

Ech kéint mer awer och virstellen, an dofir soen ech dat par rapport zu den Erfahrungen aus dem Ausland, dass déi sech esou vill Froen net gestallt hu wéi mir. Och a Frankräich si Leit, déi dat virdru bei der SNCF gemaach hunn, eriwwergeholl ginn an eng aner Entitéit an déi et do weidergemaach hunn, well och do pragmatesch agéiert ginn ass.

(Interruption)

Jo, ech wëll och soen, dat, wat kloer muss sinn an deem Projet, dee mer haut unhuelen, par rapport zu deem, wat de Statsrot gesot huet, dat ass, dass de Statsrot seet: D'Nuebelschnouer muss getrennt gi vun der Eisebunn. An et steet do «statutairement ou hiérarchiquement». Dat heescht also, ech mengen, dass et an deenen Aarbechten, déi elo ze maache sinn, einfach misst esou sinn, fir et hierarchesch ze maachen, dass se net méi ofhänke vun der Eisebunn, vun der Eisebunnsgesellschaft, vun engem Generaldirekter oder vu Chef-de-servicen, mä dass se et am Projet, esou wéi en elo virgesinn ass, kloer maachen.

Ech mengen, et ass also en «ou» ëm deen et geet. Wichtig ass, dass mer elo eng - wéi soll ech soen - pragmatesch Aart a Weis fannen, fir dat och an Zukunft ëmsetzen. Wéi iwwregens och jo kloer gemaach ginn ass an der Kommissioun, dass et néierens an den europäesche Länner Fonctionnaire sinn, déi dat maachen. Ech mengen, och hei sollte mer do pragmatesch sinn, mä de Conseil d'État huet eis a sengem leschten Avis jo d'Geleeënheet ginn, fir iwwert dee Wee do erauszekommen.

Ech mengen, dass mer elo haut sollten dee Projet stëmmen, dass mer zu Bréissel dann an der Rei sinn, an notifizéiere kënnen, an dass mer weider d'Ëmsetzung vun den Tripartite-Accordë kënnen virhuelen. Et bleift do, wéi et hei richteg gesot ginn ass vun engem Virriedner, viles ze maachen, mä d'Determinatioun, mengen ech, ass op alle Säite grouss, fir dat ze réusséieren.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Domadder si mer um Enn vun der Debatt ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 50 Jo-Stëmmen, bei 5 Nee-Stëmmen.

Jo, Madame Flesch!

■ **Mme Colette Flesch (DP).**- Här President, ech hunn nettement d'Impressioun, dass déi Votes par procuration, déi um Pult stinn, net fonctionnéieren.

■ **M. le Président.**- Jo, ech hat 60 Stëmmen hei.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Hei stinn der 10 um Schierm, Här President.

■ **M. le Président.**- 50 Jo-Stëmmen an 10...

■ **Mme Colette Flesch (DP).**- Dir hutt gesot 5.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Dir sot 5!

■ **Mme Colette Flesch (DP).**- 10. Dir hutt gesot 5.

■ **M. le Président.**- Pardon, entschëllegt dann. Et waren 10 Nee-Stëmmen.

■ **Mme Colette Flesch (DP).**- 10 Nee-Stëmmen. Dann ass alles an der Rei.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Dann ass et richteg, Här President.

■ **M. le Président.**- Ech widerhuelen d'Resultat: De Projet de loi ass ugeholl mat 50 Jo-Stëmmen, bei 10 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

6. Interpellation de Monsieur Marco Schank sur le tourisme (suite)

Mir kommen elo zu de Motiounen, déi bei der Interpellatioun vum honorabelen Här Schank iwwert den Tourismus déposéiert goufen. De Minister hat scho Stellung geholl zu deene Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt hu mer d'Motioun 1 vum Här Marco Schank iwwert d'Koordinatioun vum Tourismus op nationalem a grenziwwerschreidendem Niveau. Wa kee méi d'Wuert dozou ergräift, kënnen mer da par main levée ofstëmmen?

■ **Plusieurs voix.**- Neen!

■ **M. le Président.**- De Vote électronique ass gefrot. Da maache mer dat. De Vote fänkt un.

Vote

D'Motioun 1 ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen, bei 11 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

M. Aly Jaerling.

Motion 2

D'Motioun 2, och vum Här Marco Schank iwwert d'Aféierung vun enger Touristentax an d'Zesummenaarbecht mam Syvicol. Ass de Vote électronique gefrot?

(Assentiment)

De Vote électronique ass gefrot. Wann d'Elektronik prett ass, da maache mer dat. Si ass elo prett, de Vote fänkt un.

Vote

D'Motioun 2 ass ugeholl mat 45 Jo-Stëmmen, bei 15 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne

Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Motion 3

D'Motioun 3 vum honorabelen Här Calmes iwwer en neit Marketingskonzept fir den Tourismus. Ass och hei de Vote électronique verlaangt?

(Interruption)

Jo.

■ **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).**- Just ee Wuert. Déi gréng Fraktioun wäert sech hei bei där Motioun enthalten, well a sech genuch Etüde virleien. Mir sollte se einfach elo emol ëmsetzen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Wëllt soss nach een d'Wuert? Stëmmen mer par vote électronique of?

(Interruption)

Jo. Gutt, de Vote fänkt un.

Vote

D'Motioun 3 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, bei 12 Jo-Stëmmen an 10 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen et Jean-Pierre Koepp.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Motion 4

D'Motioun 4 vum Här Calmes iwwer nei touristesch Infrastrukturen. Ass och hei de Vote électronique gefrot?

(Interruption)

Här Kox!

■ **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).**- Och do wäert déi gréng Fraktioun sech dann enthalten, well et do erëm ëm eng Etüd geet. Déi bestoend soll einfach ëmgemat ginn. Merci.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Kox. De Vote fänkt un.

Vote

D'Motioun 4 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, bei 14 Jo-Stëmmen an 8 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile

Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5206 iwwert d'Bekämpfung vum Kaméidi. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Stein, den Här Calmes, den Här Angel, den Här Gira, den Här Mehlen an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Angel. Den Här Angel huet 20 Minutten als Rapporteur an zéng Minutten als Spriecher vu senger Fraktioun zégg.

7. 5206 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre le bruit

Rapport de la Commission de l'Environnement

■ **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Jo, Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet de loi 5206 gouf nach vun der CSV-DP-Regierung den 8. September 2003 déposéiert. Den Objet vun deem Projet de loi ass duebel: Et geet éischstens ëm eng Modifikatioun an eng Ergänzung vum 76er Kadergesetz wat d'Bekämpfung vum Kaméidi ugeet, an zweetens geet et ëm d'Ëmsetzung an d'nationaalt Recht vun den Haaptprinzipië vun der Direktiv 2002/49.

Bei där EU-Direktiv geet et ëm d'Evaluatioun an ëm d'Gestioun vum Kaméidi. D'Haaptprinzipië vun där Direktiv fanne mer also an deemem Projet de loi erëm. Déi méi technesch Dispositiounen vun där Direktiv fanne mer an de Règlement-grand-ducalen erëm, déi mer och gesinn hunn.

An engem Gréngbuch vun 1996 iwwert d'Lutte géint de Kaméidi huet déi Europäesch Kommissioun de Kaméidi als ee vun den Haapt-ëmweltproblemer bezeechent. Dofir erlaabt mer kuerz, lech och d'Definitioun vum Kaméidi ze zitieren, esou wéi d'Kommissioun de Kaméidi deemools definéiert huet: «Le bruit est l'ensemble des sons non désirés, qui sont intenses, déplaisants ou inattendus.» Et ass vläicht interessant fir eis alleguer wa mer déi Definitioun eng kéier héieren.

Ze vill Kaméidi bedeit nämlech fir vill Leit eng gewësse Gêne. Kaméidi stéiert een a stresst een och.